„Hugo Gernsba ck – An Amazing Story“

De Papp vum mod erne Genre vun der Science-Fiction-Literatur

VUM JEFF BADEN

Wien den Hugo Gernsback war, wousste wuel déi mannste Leit, virum Vernissage vun der Ausstellung „An amazing story“ am „Centre national de littérature“ (CNL). D'Germaine Goetzinger, Directrice vum Haus, huet an hirer Usprooch drop higewisen, datt ë. a. den Hugo Award, e Lieserpräis, deen zënter 1953 all Joer un dat bescht Buch aus dem Beräich Science-Fiction-Literatur (an och Fantasy) vergi gëtt, nom Hugo Gernsback, dem Begrënner vum SF-Genre, benannt ass. Sou ass z. B och d'J. K. Rowling ënnert de Laureate mat hirem Harry Potter and the Goblet of Fire (2001).

D'Commissairë Paul Lesch, Ralph Letsch a Luc Henzig *hunn, ënnerstëtzt vum Gérard Kraus, d'Ausstellung iwwert de Gernsback zum gréissten Deel mat hiren eegenen, räichhaltege Kollektiounen, zesummegestallt. awer och mat Dokumenter vun der Famill vum Gernsback souwéi aus dem Archiv vun der University of Syracuse* (FOTO: GERRY HUBERTY)

Den Hugo Gernsback ass 1884 zu Lëtzebuerg gebuer an ass 1904 mat knapps 20 Joer an Amerika gaangen, wou hie sech als Geschäftsmann néiergelooss huet. Bekannt gouf hien als Erfinder, Bedreiwer vu Radiostatiounen, Fervent vun der Televisioun, Auteur vu SF-Romaner, Editeur vu sëllechen SF-Zäitschréften a Publikatiounen iwwer Sexualerzéiung an awer och ganz besonnesch als een, dee versicht huet, mat sengen Forecasten déi technologesch Entwécklung virauszesoen. Weltbekannt ass seng Zäitschréft Amazing stories, wouhier och den Titel vun der Ausstellung kënnt.

Et waren d'Commissairë Paul Lesch, Ralph Letsch a Luc Henzig, déi als ausgewise Gernsback-Spezialisten, ënnerstëtzt vum Gérard Kraus, d'Ausstellung iwwert de Gernsback zum gréissten Deel mat hiren eegenen, räichhaltege Kollektiounen, awer och mat Dokumenter vun der Famill vum Gernsback souwéi aus dem Archiv vun der University of Syracuse zesummegestallt hunn.

Technik fir eng besser Welt

A senger Presentatioun huet de Paul Lesch ganz besonnesch den Intérêt vun enger Ausstellung zu Lëtzebuerg iwwert den Hugo Gernsback ervirgestrach an deem villsäitig interesséierten an international unerkannte Multitalent säi Liewen a Wierk am Detail illustréiert. De Gernsback war absolut faszinéiert vun der Technik an iwwerzeegt, datt se zur Verbesserung vum mënschleche Liewe bäidroe kéint. Hien huet eng ganz Rei Predictioune fir d'Zukunft gemaach a gëllt ë. a. als spirituelle Papp vum Radar. Mat senge populärwëssenschaftleche Publikatioune goung et him ëm d'Edukation vum Lieser. Wichteg fir Lëtzebuerg ass, datt de Gernsback, deen a sengen éischten zwanzeg Liewensjoren am Grand-Duché sozialiséiert gouf, sech ëmmer als Lëtzebuerger gefillt huet, an dat och kloer zum Ausdrock bruecht huet. Dofir ass et ëmsou méi schued, datt eréischt zënter engem éischten Artikel vum Robert Stümper an der Lëtzebuerger Press (1963) d'Ëffentlechkeet op hire fréiere Kompatriot opmierksam gëtt, och wann hie schonn 1953 den Officier de la couronne de chêne krut.

Den Hugo Gernsback stierft 1967 zu New York City. Sech an enger Ausstellung zu Lëtzebuerg un den Hugo Gernsback z'erënneren ass fir de Paul Lesch sécherlech och Deel vun enger Tendenz, grouss Perséinlechkeeten, déi et am Ausland zu eppes bruecht hunn, ze reappropriéieren, mee fir de Riedner ass dëst awer ouni Weideres duerch dem Gernsback säi Wierken a ganz ënnerschiddlechen Domäner, säin internationalen Afloss, seng Perséinlechkeet a seng ganz besonnesch Bezéiung zu Lëtzebuerg absolut ze legitiméieren.

D'Ausstellung am CNL ass bis den 18. Mäerz vu méindes bis freides tëscht 10 an 18 Auer ze gesinn. De Katalog kascht 25 Euro.

■ **www.cnl.public.lu**